



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Am Joer 2018 ass am Kontext vun de Structure fir Schüler mat spezifesche Besoinen och en Zenter fir héichbegaabte Kanner a Jugendlech (Centre pour enfants et jeunes à haut potentiel – CEJHP) geschafe ginn. Dësen Zenter ass doriwwer eraus och Ulafstell fir Elteren an Educatiounspersonal.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Wéi vill Schüler hunn zënter 2018 op d'Servicer vum CEJHP zréckgegraff?
 - Wéi vill dovun kommen aus dem Enseignement fondamental?
 - Wéi vill dovun kommen aus dem Enseignement secondaire?
- Wéi ass d'Verhältnis vun de Schüler mat enger „Prise en charge ambulatoire“ par Rapport zu deene mat enger „Scolarisation spécialisée“?
- Ganz allgemeng, huet den Här Minister e Bilan iwwer déi 5 éischt Jore vum CEJHP zéie gelooss?
 - Wa jo, wat sinn d'Conclusiounen dovun a wou sinn déi publizéiert?
 - Wann net, firwat net?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktionspresidentin



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d' parlamentaresch Fro Nr. 8089 vun der honorabeler Deputéierter Martine Hansen

Ad 1)

Säit 2018 huet de CEJHP 951 Schüler gesinn, dovunner konnt bei 388 Schüler eng Héichbegabung festgestallt ginn.

Aktuell kréien insgesamt 251 Schüler eng Prise en charge vum CEJHP. Dovunner kommen der 149 aus dem Enseignement fondamental an 102 aus dem Enseignement secondaire.

Ad 2)

De CEJHP bitt keng Sclarisation spécialisée un. Deemno handelt et sech bei sämtleche Prise-en-chargen em ambulant Moosnamen.

Ad 3)

Op Grond vun der Motioun n° 2776, déi den 31. Mee 2017 an der Chamber adoptéiert gi war, huet de MENJE eng Evaluatioun vum System ronderëm d'Prise en charge vu Schüler mat spezifische Besoine gemaach. De Rapport mat de Conclusiounen vun dëser Evaluatioun ass am Januar 2023 publizéiert ginn.

D'Conclusiounen vun dëser Evaluatioun baséieren op 3 Voleten: engem Sondage beim Léierpersonal an dem EPS-Personal, enger Etude vun der Commission nationale d'inclusion an enger Etude vun den 8 Kompetenzzentren an der ATVA, also och vum CEJHP.

D'Etude vun de Kompetenzzentren an der ATVA ass vun der externer Consultingfirma *Exigo* gemaach ginn, déi d'Implementatioun, de Fonctionnement, d'Finanzen, d'Gestioun vun de Ressourcen an déi intern an extern Kommunikatioun vun de Kompetenzzentren an der ATVA analyséiert huet. Fir dës Analys ze maachen, hat *Exigo* een Audit-Questionnaire un d'Personal vun de Kompetenzzentren an der ATVA adresséiert, fir déi 7 Prinzipie vum Qualitätsmanagementsystem ISO 9000 ze testen.

Fir de CEJHP hat *Exigo* folgend Recommandatiounen gemaach:

- Betreffend d'Leedung vum Kompetenzzenter: eng Strategie entwéckelen, fir déi héich begaabte Schüler besser ënnerstëtzen ze kënnen; déi intern Organisatioun adaptéieren a méi Personal astellen; Synergië mat externe Collaborateure kreéieren an sech méi intensiv an der Recherche am Beräich Héichbegabung involvéieren; Formations continues organiséieren an intern méi Reuniounen ofhalen.
- Betreffend d'Aarbechtsëmfeld: d'Raimlechkeete besser opdeelen, fir dass zum Beispill ee separate Raum do ass fir d'Kommunikatioun mat den Elteren ze verbessern; eng besser Organisatioun vun de Raimlechkeeten duerch d'Reservatioun vu Säll; dat informatesch Material



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

uniformiséieren; méi digital ginn, wat Gestiou vum den Demanden a vun de Schülerdossieren ubelaangt a méi visibel ginn duerch d'Schafe vun enger Internetsäit mat Informatiounen, déi een erofluede kann.

Lëtzebuerg, den 18. Juli 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH